N°2480
Entrée le 18.06.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 19.06.2025
Chambre des Députés

adr

Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 18. Juni 2025

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister weiderzeleeden.

Zanter dem Fréijoer 2023 sinn d'Streckeradaren an dräi Tunnellen op der N7 a Betrib.

An deem Zesummenhank hätt ech follgend Froen un den Här Policeminister:

1. Kann den Här Minister an enger Tabell presentéieren, zu wéi vill Accidenter et tëscht 2015 an dem Fréijoer 2023 – an opgeschlësselt no all eenzelem Joer – op der N7 tëscht Colmer-Bierg an dem Kreesverkéier Iergäertche komm ass?
2. Kann den Här Minister an enger Tabell presentéieren, zu wéi vill Accidenter et tëscht dem Fréijoer 2023 a Stand haut – an opgeschlësselt no all eenzelem Joer – op der N7 tëscht Colmer-Bierg an dem Kreesverkéier Iergäertche komm ass?
3. Vu datt dës dräi Streckeradaren elo säit iwwert zwee Joer a Betrib sinn: Kann den Här Minister opschlësselen, zu wéi vill Infraktiounen et an deem genannten Zäitraum komm ass? Kann den Här Minister opschlësselen, vu wéi enger Aart dës Infraktioune waren?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten